DE FREIE LETZEBURGER

# ONS HEMECHT

LPL

OFFICIELLT ORGAN VUN DER LPL

Verantwortleche Redacter: Dengens Dömmy. Drock a Verlag: 57, Pietrusboulevard, Lötzeburg.
Ennert dem Protectorat vum Gauleiter an dem Häuptling vum Mouvement
Direct Verbindong o'ni Drot mat London, New York, Moscau, Tschungking.

No 42 So secher we ' ons Bierger wenken
Könnt d' Freihêtssonn ên Dag ons blênken 15 August 1943

C. W. G. II
BG 192
C. 2 G. M.

## Politisch unreif

Wann t'Länner t'Dommhét beginn,vum demokratesche Régime op t'Herrschaft vum Diktator iwerzegoen,bezuôlen se hir Schwaachhét herno batter an deier. An dat könt eleng dovun dat dé Länner sech net individuell genug öm hir national Politik bekömmert hun.
Huôlt nömmen t'Preissen, vu jeher guôf sech den Durchschnöttspreiss zefridden mat der Politik,de hire Kèser vu Berlin aus diktëiert,a spëider den Ustreicher vu München aus gedriwen huôt.Frëier wé den ongleckleche Wilhelm mam Säbel gerasselt a vum Drechenhalen vum Polfer alle Black geschwat huôt,vir waat woren du önnert den demokrateschen Parteien keng Stömmen ze hëieren, fir dem Zodi halt ze gebidden.Stellt ëich nömme fir wann Deitschland 1914 dé verjauste Kèser verhönnert hät,de Weltkrich z'entfâchen,wât haut Deitschland eng National-Fortune hät.Sie Gëiwen haut t'hallef Welt beherschen dûrch hire Reichtom,an möttels de'er mat frittleche Möttelen erkaft Kolonien op der Welt gerad esô eng gruôss Roll spillen wé England a Frankrëich.Mé de Preissen huôt de politischen rëife Gésc̈ht gefélt.Blannemännerches hu se sech an dé gruöss Katastroph vu 1914 erageheie losst.A wé den Désaster geschitt war,kuôm t'Idée vun der Revanche luös a luös zum Firschein.
t'Wehrmacht konnt t'Nidderlag vu 1918 net verquössen an zesummen mat der Gruössindustrie huöt se sech den Ustreicher gekapert,fir t'Land op t'Idée vun der Revanche möttels enger ongeheierer Propaganda virzeberéden a fir de Réarmement durzefëierer.Als Facade guöf t'Neiurdnong dohi gestalt,dé am Fong weider kén Zweck hât wé t'säntlech Arbechter ant'Rüstongsindustrien ze stëichen an t'ganz Ressourcen vun Deitschland op t'Firberédong vum Krich ze gebroüchen. Dem Ustreicher seng Léisong vum Chomage war nëischt ewè eng Farce,mè eng Farce dé ons all haut schwëier kascht an dé och Deitschland mat enger Misére bezuöle muss,wé et se bis elô net kant huôt.Fir e ganzt Johrhonnert wärt t'Deitschland t'Komédie vun der Neiurdnong nach bekrëischen an den hâlwer weisen Ustreicher verfluchen. Velëicht entweckelt sech no dösem Krich bei den Preissen de politische Gëischt,fir dât hir spëider Generatiônen durch eng schârf Kontroll vun hirer Aûssepolitik der Welt Katastrophen erspuôren wé mer se elô zwémol a 25 Joer matgemat hun.
De Késer war Deitschland sei Metzeler,den U S T R R E I C H E R ass sëin Duôdegriêwer

---

Lötzeburger,liëst an hëlleft dem frëie Lötzeburger

---

No lange Johr vun deischterer Nuécht,
Vubbatteren Trênen,Blutt an Nôt,
Do huet den Himmel ons nés bruecht
Eng Hoffnongs'sonn esô goldech rôt,
Lues gét sie op um Horizont
Ëmmer mêh stännech a méh grôss,
An hierem Purpurkléd esô bont
Drét sie onst Gléck an hierem Schôss.
Hier Farf ass zWar nach rôt wî Blutt
Nach blenkt sie net a goldene Strahlen,
Iewer an d'Hierzer lêsst sie Mutt,
Nei Hoffnong,nem Gebieder fâlen.
De bauer kuckt entgént dem Wonner,
Sêng Broscht erfellt vun Trotz a Fréd
Vu weit ewech erschallt den Donner
E Freihétswand blêst iwer d'Héd.
Méh fest emfasst seng huffech Hand
De Flô dien hié vum Papp gèierwt,
Hie fillt, frei göt eröm onst Land
Onst Lötzeburg dât Niemols stierwt.
Den Arbechter an Duerf a Staadt
de Mann mat dém Gesiecht vu Stén,
Dé Gutt a Liéwen ag-sàt,
Dem Preiss sét trotzech "Nén"
Hié kuckt sech un dé bluttrôt Sonn
Vun Héfèchtslêft erfellt sêng Aan,
A sengem Hierz do spiert hién D'Stonn
Wô d'Preisen sech zum Deiwel man.
All onse Bridder dé nach leiden
An donkler friémd,a Prisongsnuecht,
Hinnen dé daper mat ons streiden
Huet dé rôd Sonn nei Hoffnong bruecht.
Si hêeren wê durch d'Loft schns dauscht
E Feierwon vu weiden hier,
A krâchend schlét eng Eisefauscht
Und'europäesch Prisongsdier,
Esô sti mir all,do Hand an Hand
Op dê rôt Sonn de Bleck geriecht
Trei onsem Glaw, trei onsem Land
Dàt nés erstét am Freihetsliecht
Ann all ons Hierzer wesse schonn
Aus desem rôde Schein brecht durch,
Eng êweg Gölde Freihéts'sonn
Fir Letzeburg, Fir Letzeburg

---

Wât de Preiss net alles dét,
A set mir hätten ét gewollt
Me weiss mer én den ëmmer le't
Ech weisen dir wë stiehlt.

Eng Mass Familjen sin zersprét
No Deitschland déporte'ert,
Vill Letzeburger Let
Durch Preise Remplace'ert

Vill Kirchen hun ze zo'gemacht
De' Geschtlech 'raus gesaat
An d'Kleéschter all dem Reich vermacht
Vill Leit am Prisong a gestach
De'aner fort geschéft mam Zug.
Se'er vill kal doet gemacht.

---

C. W. O. II
C. 2 G. M.

O Mamm, O Mamm, Soll ech dann alles dat,
Verlosse misse fir all E'wegketen,
Keng enzeg Ke'er me'mein Duerf gesinn,
Kemol me'd'Hemechtsklaken he're lauden,
Ke Bro't me'iessen, dat meng Mamm gebak. (B. Weber)

---

----- Umsiedlung -----

| | | |
|---|---|---|
| OLINGER JEAN | Rentner | Limpertsberg |
| Sondag Eugéne | Gemeindeeinehmer | Hassel |
| WALSDORFF THEO. | Burochef | Luxemburg |
| WEYDERT ARTHUR | Lehrer | " |
| WEYDERT Emile | Inspector | " |
| DUFONG J.P. | Uhrmacher | Limpertsberg |
| WILWERS Jos. | Buchhä ndler | Luxemburg |
| ALTENHOVEN | Briefträ ger | " |
| BIDINGER J.P. | Zugfuhrer | Mamer |
| CALTEUX Jos. | Gastwirt | Fischbach |
| EWEN J.P. | CHauffeur | Helmdingen |
| EWEN Nic. | STeingruber | " |
| FABER Al. | Dreher | Lintgen |
| HENKES Francois | Eisenbahner | Luxemburg |
| JUNGBLUT Ant. | Journalist | " |
| KREMER Robert | Transport | Helmdingen |
| LECHES Leo. | | Hollerich |
| LOOS MATH. | Kontroleur | Luxemburg |
| Peitsch Georges | Förster | Fischbach |
| SCHROBILTGEN | Eisnbahner | Mamer |
| THIELEN J.P. | Gastwirt | Heffingen |
| WORRINGER Jean | Werkstattleiter | Beggen |
| BERENS Jean | Kaufmann | Esch/A. |
| DAHM JEAN | Schneider | Niederkorn |
| DELTGEN | Schmied | Differdingen |
| Vve. GRÉGOIRE Marg. | | Dudelingen |
| HARTUNG Alf. | Arbeiter | Niederkorn |
| LEHNEN Madeleine | Rentnerin | Dudelingen |
| NURENBURG NIC. | Elektriker | Niederkorn |
| RAACH J. | | Dudelingen |
| RAACH CH. | Invalide | " |
| ROSEN Pierre | Landwirt | Schouweiler |
| Vve. SCHLIT Alice | | Beles |
| SCHOLTES Jean | Arbeiter | Differdingen |
| SCHUH Emile | Bergmann | " |
| THILL Nic. | Eisenbahner | Niederkorn |
| URST FELIX | Weichensteller | Livingen |
| DERDEN J.B. | Schmied | Esch/A. |
| WAGNER R. | Notar | " |
| WEBER Albert | Arbeiter | Dudelingen |
| WEHR Pierre | " | " |
| MULLER Emile | Beamter | Luxemburg |
| HOFFMANN Albert | Elektriker | Bartoringen |
| HIRSCH ANT. | Beamter | Luxemburg |
| HANSEN Jos. | " | Lux. Grund |
| Dr. DELVAUX | Avocat | Luxemburg |
| BALTUS Louis | Landwirt | Tuntingen |
| ARNOLDY ALB. | Souschef | Luxemburg |

---

De Gaul'eiter zu de LÖTzeburger.

Bis elo war der Lötzeburger Lo'klöppelen,
mir brengen iech d'Freihet, Hierz wat begiers de,
Elo gitt der frich Lolberstock.
Gaul'eiter pass ob deng ke'er könnt geschwenn
A fier dech gett keng Umsiedlung

## t'Ofrechnong könnt geschwënn

Elo wu ons Regierong vu London aus onse Code Pénal ofgeännert resp. kompletéiert huêt, wössen t'Letzeburger Vräter, Helfershelfer a Collaborateuren zimlech gené wat hinne bevirsteht, Elo könne se sech de Kapp zerbrîchen, ënner wat eng Kategorie se falen, op et fir de Kapp fir eng Reih Joer Prisong oder nömm fir Geldstrofen geht.
Et braucht én nuren hir Gesichter di lescht Zeit ze bekucken, da wéss é schon dat sech hir Gedanken intensiv mat onsem neien Code Penal beschäftegen. Et ass jo ké méi vun en alle guôten dén nach un de preisesche Sieg gléft, wel hir Méschteren glewe selwer nöt méi drun. Letzeburger vergiësst nöt och de Numm an t'Adress an Deitschland vu gidfer Preiss ze notiëren, dén sech eppes zu Scholde komme geloss huo huôt, mir krêien déi Dreckskerelen nom Krich aus dem Dappland erëm eraus fir se ze richten. An da göt et Sport ?

---

Hun Hitler an enger vu sengen léschten Réden. lauschtert ?
Stalingrad, das wird der grösste Sieg Deutschlands Geschichte wërden, und das eine sage ich euch, ( an du huete gebröllt ewé e Léw )
Nie und nimmermehr wird noch ein einziges feindliches Schiff die Wolga hinauffahren. t'zwo Wôchen drôp du krueten es bei den Hënner, an haût, de ganze Summer huet en neischt ferteg bruecht , seng Front de brecht ëmmer mé zesummen, an Italien, do ass et jo so weit,
Adolf, t'ass t'zeit, huel t'Pinsel a sich dir erëm arbêcht als Ustreicher
Mé dat ass eng aner Frô. ???

---

------- Glëcklech -------

Mir ware glëcklech a frei
Kuckt an ons Stiet, wé sie sech ëmmer hewen, Woelstand a Fréd, de Lachen sech entge'nt,
An d'Dierfer kuckt, do wunnt e fräie Bauer, Hie steht sech gut, well kräfteg schafft seng Hand .
Nun huet de Preiss musse kommen, fir dat ass nun alles, einstweilen verbei.

---

Gelt Preiss, d'Lompe fenken un ze stenken, kuckt Italiën, d'leit um Schwenken,
Dé hun se ugefangen ze beissen, an de Mussolini raus ze schmeissen.

---

## Lötzeburger

Oni Zweiwel konnten bis haihin d'Nazien durch brutal physesch Gewalt hir Drohungen an d'Wirklechkét ëmsetzen, mé durch sein onerhe'erten Mut ass Lötzeburg gro'ssagi. A mir ro'en a mir raschten nöt bis ons d'Land ërem frei ass vun dé'en knaschtegen Preiseh.

---

Mit gegangen, mit gefangen, mit gehangen, vergiëssst dat nit.

---

------- Brëifköscht -------

( vu Geld ass agangen )

| | | | |
|---|---|---|---|
| Kratzenberger | 100 Fr. | Nieder mat en | 500 Fr. |
| de Feierwon | 200 " | Studio Lötzeburger | 500 " |
| Fielze Jang | 200 " | Nach é mament Gedold | 250 " |
| Tunne Pierche | 250 " | | |

villmols merci.

---

Lötzeburger, macht éer Phlicht an hëlleft dem freie Lötzeburger.